N°373
Entrée le 25.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 373 vum 21. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Fred Keup.**

*1. Kéint d'Madamm Minister sech virstellen, den Alter vun deem un d'Bierger dës Informatioune bei der CNAP kënnen anhuelen op 50 Joer erofzesetzen an/oder de Bierger en Instrument fir eng vereinfacht Héichrechnung zur Verfügung ze stellen, dat et hinnen erlaabt, op mannst mat approximativen Informatiounen ze schaffen?*

D'Pensiounskeess (CNAP) ass sech bewosst, datt ëmmer méi Leit sech Froen zu hire Pensiounsrechter stellen. De Rapport annuel vun der CNAP gëtt Opschloss, nieft der grousser Croissance vu Pensiounsdemanden, zum grousse Volume vu generellen Informatiounen a speziell vu Pensiounsestimatiounen. Dës Demanden hunn ee groussen Impakt op di alldeeglech Aarbecht vun der Pensiounskeess.

Bei der Pensiounsestimatioun handelt et sech em ee Service deen d'Pensiounskeess dem Assuré ab dem Alter vu 55 Joer ubitt. Dësen Alter ass esou gewielt, datt di professionell Carrière op déi zréckgekuckt muss gi fir d'Pensiounsrechter richteg ze appreciéieren, gréisstendeels scho consolidéiert ass. Wann d'Agente vun der CNAP dës Carrière also fachmännesch rekonstituéieren – keen einfachen Exercice, wann ee bedenkt, datt ronn 60% vun de Pensionären eng geméschte Carrière hunn, also mat Zäite wou si ausserhalb vu Lëtzebuerg geschafft hunn – ass et extrem wichteg, fir weder ee Feeler oder eng falsch Interpretatioun ze maachen, nach eng falsch Indikatioun ze ginn iwwert den Ufank oder d'Héicht vun der Pensioun, déi den Assuré kéinten zu enger falscher Entscheedung par Rapport zu senger finanzieller Ofsécherung am Alter verleeden.

D'Genauegkeet déi d'Pensiounskeess bei dësem Exercice ka revendiquéieren, ass an direkter Relatioun zu engem noen Ufank vun der Pensioun selwer. De schlussendleche Montant vun der Pensioun ass awer och ofhängeg vun all de Revenue vum Assuré, och di Revenue vun de leschte Méint just virun der Pensioun. Dëse Montant kann dofir eréischt nom Ufank vun der Pensioun exakt determinéiert ginn an gëtt un Hand vun enger "Décision présidentielle" festgehalen. Eventuell kann et och nach bei enger virzäiteger Alterspensioun zu enger Neiberechnung am Alter vu 65 Joer kommen.

Fir méi pertinent op d'Demande vun den Assuréen anzegoen a besser z'informéieren, huet d'Pensiounskeess Enn 2023 säin Internetsite, www.cnap.lu, frësch gemaach. Hei fënnt den Assuré d'Informatiounen méi handlech a benotzerfrëndlech opbereet fir senger Liewenslag gerecht ze ginn wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Op hirem Internetsite stellt d'Pensiounskeess och Brochuren an Dépliantsinformatiounen zur Verfügung déi di spéider Berechnung vun der Pensioun erklären.

Lëtzebuerg, den 25.Määrz 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez